Wëllkomm am "wëlle Westen"

Fir d'éischte Kéier huet d'Gemeng Biekerech d'Éier, d'Lëtzebuerger Landjugend op de mëttlerweil 42. Landjugenddag op Christihimmelfahrt ze empfänken. De Site vun der Sportshal ass 3 Deeg nom "Semi-Marathon des deux Luxembourg" um 1. Mee, mat iwwer 1.000 Leefer, fir d'zweet a kuerzer Zäit de sozialen Zentrum vun eiser Gemeng an Ëmgéigend.

Och um Landjugenddag bleift et sportlech mam traditionelle Fouss-Rallye an de Spiller op de fënnef Statiounen. Dobäi verleeft den Tour duerch ee vun de schéinsten Ecker vun eiser Gemeng, wéi z.B. laanscht déi wonnerschéi renovéiert Mille mam Milleweier oder de Mëlleschbuer, d'Quell vum Biekerecher Waasser.

Eng enk Verbindung zu der Landwirtschaft hu mer zu Biekerech nit alleng duerch d'Biogasanlag, déi vun enger Kooperativ vun 18 Bauere gefouert gëtt an déi ronn 180 Haushalter an de Groussdeel vun eise Gemengeninfrastrukture mat erneierbarer Energie versuergt. Grad eis jonk Bauere suerge bei äis fir nei Impulser a frësch Iddie fir der Landwirtschaft zu deem Stellewäert an der Gesellschaft ze verhëllefen, deen se verdéngt an de Kontakt tëschent de Konsumenten an de landwirtschaftliche Produzenten nees nei opliewen ze loossen.

Bleift mir zum Schluss den Organisateure vun der 42. Oplo vum Landjugenddag, der Lëtzebuerger Landjugend Zenter, ze felicitéiere fir dee flotte Programm, deen se op d'Been gestallt hunn an hinne Merci ze soen, fir déi agreabel Zesummenaarbecht am Virfeld vun dëser grousser Manifestatioun. Ech si mer sécher, datt de Succès fir dës Editioun vum Landjugenddag nit op sech waarde léisst.

Deemno getrei dem Motto vun dësem Joer, **kommt all an de „wëlle Westen“!**

Thierry Lagoda

Buergermeeschter vun der Gemeng Biekerech